N°1357
Entrée le 12.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Aarbechtsminister a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 1357 vum 14. Oktober 2024 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.**

**Ad 1)**

Et ass aktuell net geplangt, den 10. Oktober als offizielle Feierdag ze deklaréieren. Den nationale Commemoratiounsdag fënnt all Joer op engem Sonndeg statt.

**Ad 2)**

Den Zweete Weltkrich an d'Besetzung vu Lëtzebuerg spillen eng wichteg Roll am Geschichtsunterricht.

Fir den Enseignement fondamental hält de Plan d'études am Domaine de développement et d'apprentissage *Les sciences humaines et naturelles* de Kompetenzberäich *Le temps* fest. Am Kontext vun den Aktivitéiten, déi sech an dëse Kompetenzberäich aglidderen, sammelen d'Schüler ënnert anerem éischt Kenntnisser an der Geschicht. Am Cycle 4 (fir gewéinlech am Cycle 4.2) gëtt an dësem Kontext explizit den Zweete Weltkrich als ee vun de sechs obligatoreschen Haaptsujete genannt. Am Geschichtsbuch *die Zeitmaschine* fir de Cycle 4 ass an dësem Zesummenhang ee ganzt Kapitel dem Zweete Weltkrich gewidmet. Zentral an dësem Kapitel ass ënnert anerem den Afloss vum Zweete Weltkrich op Lëtzebuerg a seng Bevëlkerung. Dëse gëtt unhand vu ville Fotoen a konkrete Beispiller altersgerecht verdäitlecht.

Am Kader vum *Éveil aux sciences* ginn awer scho virum Cycle 4 mat de Schüler Sujeten aus der Aktualitéit behandelt. Dës kontextgebonnen Aktivitéiten erlaben et dem Enseignant, de Schüler hire Vécu mat an den Unterrecht anzebannen an esou geziilt Sujeten, wéi beispillsweis de Commemoratiounsdag opzeschaffen.

Heinieft ginn am Enseignement fondamental, ënnert anerem am Kader vun der Vermëttlung vun den transversale Kompetenzen, och d'Wäerter vun der Demokratie, der Toleranz an engem friddlechen Zesummeliewe vermëttelt an ëmmer erëm thematiséiert.

Am Enseignement secondaire général gëtt dëse Sujet op der 5G traitéiert; d'Buch *Entdecken und Verstehen*, dat vu Lëtzebuerger Geschichtsproffen ausgeschafft gouf, leet de Schwéierpunkt op d'Lëtzebuerger Geschicht. Behandelt ginn notamment déi nazionalsozialistesch Propaganda, d'Juddeverfollgung, d'Resistenz an d'Collaboratioun oder d'Ardennenoffensiv. Op der 4G ginn d'Konsequenze vun den zwee Weltkricher op d'Geschicht vun eisem Land analyséiert.

Am Enseignement secondaire classique schreiwen déi aktuell Programmen den Titulairë vir, d'Geschicht vu Lëtzebuerg ze traitéieren, andeems se hinnen awer e gewësse Spillraum loossen, a wéi engem Ëmfang si dat maachen. Et soll e Lien gemaach ginn tëscht der Weltgeschicht, der Geschicht vun Europa an der Geschicht vu Lëtzebuerg (*« les savoirs mettent en relation l'histoire du monde, l'histoire de l'Europe et l'histoire du Luxembourg »*); et geet net drëms, en 'nationale Roman' ze erzielen, mee d'Geschicht vu Lëtzebuerg méi systematesch ze behandelen, andeems een de politeschen, kulturellen a soziale Raum berücksichtegt, an deen eist Land sech afüügt.

Nieft de Schoulprogrammer selwer steet d'Geschicht vu Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich och am Mëttelpunkt vun enger wichteger Rei vun Initiativen a pedagogeschen Offeren, déi den Zentrum fir politesch Bildung (ZpB) fir d'Schoulpublikum an d'Liewe geruff huet an déi ech hei kuerz wéilt opzielen :

- all Joer organiséiert den ZpB am Kader vum internationale Gedenkdag fir d'Affer vum Holocaust (*Journée de la Mémoire de l'Holocauste*) Projektioune vu Filmer a Büneliesungen, déi fir Schüler gradewéi fir d'Weiderbildung vun den Enseignantë geduecht sinn;

- dat fréiert Klouschter vun der Pafemillen (Cinqfontaines), wou bal 300 Judden internéiert goufen, ier si am Zweete Weltkrich deportéiert goufen, ass haut eng Gedenkplaz fir d'Erënnerung un d'Affer vun der Shoah souwéi e *Lieu d'apprentissage et de rencontre* mat enger Offer vu politscher Bildung. An Zesummenaarbecht mam Service national de la Jeunesse (SNJ) bitt den ZpB Visite-guidéeë fir Gruppe vu Schüler ab dem Cycle 4.2. vun der Grondschoul un. Dës Visitte kënnen ergänzt ginn duerch Atelieren, déi ë. a. Theeme vun der Diskriminatioun a vun der Erënnerung *(Memoire)* behandelen;

- am Kader vum Partenariat tëscht dem ZpB an dem *United States Holocaust Memorial Museum* dokumentéiert d'Wanderausstellung *State of Deception* d'Methode vun der Nazipropaganda an ënnersicht, op wéi eng Manéier d'Nazipropganada déi däitsch Gesellschaft gepräägt huet. Dës Ausstellung gëtt de Lycéeë gratis zur Verfügung gestallt;

- den ZpB huet och eng gewëssen Unzuel pedagogesch Offeren ausgeschafft, déi sech un Enseignanten an Educateure riichten. Sou sinn z. B. e pedagogeschen Dossier iwwert d'Erënnerung *(Memoire)* am Allgemengen (inklusiv un den Zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg) gradewéi en Dossier, deen d'Publikatioun *La Deuxième Guerre mondiale au Luxembourg* begleet, déi vum Comité fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich ausgeschafft gouf, disponibel fir all Multiplicateur, deen dëst Thema mat deene Jonke behandele wëll;

- d'*50 Faces-Box* gouf als didaktescht Hëllefsmëttel entworf a presentéiert 50 Krichsbiografien**.** Dës Këscht erlaabt et, verschidden Theemen am Zesummenhang mat der Erfarung vum Zweete Weltkrich aus enger Lëtzebuerger Perspektiv unzegoen: Occupatioun, Ongerechtegkeet, Diktatur a Genozid. Si mécht och d'Debatt op iwwer déi verschidde „Memoiren" a gouf a Kooperatioun mam Nationale Musée fir Militärgeschicht *(Musée national d'Histoire militaire)* a mam Nationale Musée fir Resistenz a Mënscherechter *(Musée national de la Résistance et des Droits humains)* produzéiert.

2020 huet de Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale eng Brochure a véier Sproochen (LU, DE, FR, EN) iwwert "Den 2. Weltkrich zu Lëtzebuerg" erausginn. Dës Publikatioun ass mat Hëllef vu Spezialisten an der Geschicht erschafft ginn an adresséiert sech virun allem u Schülerinnen a Schüler aus dem Fondamental an dem Secondaire. Dës Brochure déi den 2. Weltkrich zu Lëtzebuerg mat all senge Facetten thematiséiert (Occupatioun, Resistenz, Shoah, Zwangsrekrutéierung, Collaboratioun, etc.) gëtt reegelméisseg u Schoulen a Lycéeë verdeelt. Niewent der Brochure gëtt et och nach e Guide pédagogique dee vum ZpB elaboréiert gouf an sech virun allem un d'Enseignantë riicht.

De Comité mémoire schafft och enk mat Schoulen a Lycéeën zesummen. Am Kader vun der Journée de commémoration nationale, organiséiert de Comité mémoire déi lescht Joren eng Rencontre culturelle zum Thema vun der Mémoire. Dës Rencontre, déi ganz dacks an engem Lycée stattfënnt, bënnt Schülerinnen a Schüler aktiv an de Prozess vun der Gedenkaarbecht mat an erlaabt hinnen, zesumme mat hirem Léierpersonal, en edukativen an ofwiesslungsräiche Programm zesummen ze stellen. Do doniewent huet den Aarbechtsgrupp "Pédagogie et Sensibilisation" vum Comité mémoire och de Projet vun der "Rucksackbibliothéik. Vun de Schoule fir d'Schoulen" an d'Liewe geruff. Dank Dokumenter a pedagogeschen Aktivitéite kënne Schülerinnen a Schüler sech hei am Laf vun engem Schouljoer méi mam Sujet vum 2. Weltkrich auserneesetzen an hir Kenntnisser un déi nächst Grupp weiderreechen.

Lëtzebuerg, den 12. November 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN